



Lëtzebuerg, de 22. September 2026

Léif Massendénger,

Heimat invitéiere mir all Massendénger (grouss a kleng) op eisen **AUSFLUCHSDAG an d'Stad** : Mëttwoch, de **04. November 2026**.

Mir treffen eis all ëm **9.20** Auer beim **"WC public"** um **Glacis** an der Stad. (D'Tramsstatioun "Theater" ass direkt dobäi).

Hei e Bléck, wat mir alles deen Dag erliewe wäerten:

- 9.20 Auer: Treffpunkt beim "WC public" um Glacis an der Stad
- 10.00 Auer: Visitt an Atelier an der Muerbelsmillen
- Mëttegiessen an der Jugendherberg
- Nom Mëttegiesse fuere mir mam Bus op Hollerech, wou mir uschléissend eng Visitt am Tramsmusée hunn
- 17.00 Auer: Schluss vum Dag – d'Massendénger kënnen ëm 17 Auer virum Tramsmusée (63, rue de Bouillon an der Stad) ofgeholl ginn.

Fir den Transport an d'Stad a fir heem suergt jidderee selwer.

Dee ganzen Dag ginn d'**Massendénger** vu Membere vun der Ekipp "Lëtzebuurger Massendénger" begleet an d'Atelieren/Visitten si mat lokale Guiden/Animateure gebucht. D'gemeinsam Sprooch vum Dag ass lëtzebuergesch.

Am Laf vum Dag maache mir natierlech och e puer Fotoen an eng Gruppfoto fir op eis Homepage vun de Lëtzebuurger Massendénger resp. fir op cathol.lu an op mywort.lu.

Fir dee ganzen Dag (Aktivitéiten, Assurancen, waarmt Mëttegiessen) free mir fir all Massendénger e Participationspräis vu 35 €.

Net vergiessen:

- * eng Fläsch mat Gedrénks, fir am Laf vum Dag ze drénken
- * sech dem Wieder ugepasst kleeden
- * fest Schong

Umeldung: Aus der Erfahrung eraus an och aus organisatoreschen a logistesche Grënn biede mir, datt d'Massendénger sech w.e.gl. mam detailléierten Umeldungsziedel **bis allerspéitstens de 15. Oktober 2026** an der Zentral vun de Lëtzebuurger Massendénger umellen. All Massendénger muss deen Dag och seng Identitéitskaart an seng Krankekeesskaart dobäi hunn!



GANZ WICHTEG: Haalt iech w.e.gl. un den Umeldungsdatum vum 15.10.2026. D'Visitten an och d'lesse mussen virbereet an organiséiert ginn. Mir müssen och alles bei der Assurance mellen an eventuell, deemno wéi vill Umeldunge mir kréien, sinn Adaptatiounen vum Programm néideg. Wien net ugemellt ass resp. wien net iwwerweisen huet, dierf leider deen Dag net matmaachen.

Sollte méi Massendénger ugemellt ginn, wéi mir bei de Visite mathuelen dierfen, maache mir eng Waardelëscht op.

Vergiesst och net, fir de Participatiounspräis vu 35 €/Massendénger op eise Kont LU41 0028 4101 1668 9900 (BIC: BILLULL) vun "Archevêché de Luxembourg – Lëtzebuerger Massendénger" z'iwwerweisen.

Dir kritt eng Bestätegung, wann d'Umeldungsfiche + d'Sue bei eis ukomm sinn. Am Fall wou een net komme kann, kann ee sech bis den 03.11.2026 via Mail oder um +352 621 622 511 mat enger SMS ofmellen an et kritt een dann de Participatiounspräis zeréck iwwerweisen.

Schéckt w.e.gl. dësen Umeldungsziedel un:

Lëtzebuerger Massendénger (Centre Convict)

5, av. Marie-Thérèse L-2132 Lëtzebuerg

oder mailt är Umeldung un: massendenger@cathol.lu

Mat beschte Gréiss

d'Equipe Lëtzebuerger Massendénger



Abschreibung – Ausfluchsday 04.11.2026 an der Stad

Dës Fiche gëtt diskret benotzt, ausschliesslech
vun de Responsabel, a gëtt nom Dag zeréckginn.

Donnéeën zum Massendenger/zur Massendengerin déi matmécht:

Numm: _____

Virnumm: _____

Adress: _____, _____

L- _____

Geburtsdatum: ____/____/____

Geschwate Sproochen: ☐ lëtzebuergesch ☐ franséisch ☐ däitsch

Verstane Sproochen: ☐ lëtzebuergesch ☐ franséisch ☐ däitsch

Handynummer (falls am Besëtz): _____

Mailadress (falls am Besëtz): _____

Matricule: _____ Krankekeess: _____

“Caisse médico” – Membersnummer (falls am Besëtz): _____

Vegetarier/in? jo ☐ nee ☐

Speziellen lessensregime? jo ☐ nee ☐

Wa jo – wéi een? : Laktosefräi ☐ Glutefräi ☐ aneres: _____

ALLERGIEEN: (Medikamenter, Pollen, Uebst, Nëss asw)

Medikamenter, déi reegelméisseg geholl gi mussen (wéi eng, wéi dacks, géint wat?)

Gitt eventuell **Gesondheets- oder Verhalensschwieregkeeten** un, mat de
betreffenden Datumer: (Krankheeten, Accidenter, Krämpufäll, Spidolsopenthalter,
Operationen, Reeducatiounen, Hyperaktivitéit, Héichtenangscht, asw.)“



Autorisation fir d'Bildmaterial ze benotzen:

☐ Ech autoriséieren, datt ech / mäi Kand während dësem Dag am Bild festgehal ginn / gött

☐ autoriséieren dem Organisateur "Lëtzebuerger Massendenger", d'Fotoen a Publikatiounen ze benotzen, fir dësen Dag ze dokumentéieren a fir d'Kommunikatioun ("Public Relations") fir aner Aktivitéiten ze assuréieren, déi eise Service fir d'Massendenger ubitt. Dës Biller kënnen am Kader vun eise Public Relations benotzt ginn (z. B. fir Invitatiounen, an der lëtzebuergescher Press, am "Luxemburger Wort", op der Internetsäit vum Äerzbistum Lëtzebuerg oder/ an op de Säite vun de Lëtzebuerger Massendenger op cathol.lu, ...) a kënnen och op de soziale Medie wéi "Instagram", "Facebook" mam Hashtag #lëtzebuergermassendenger benotzt ginn."

RESPONSABLEN (am Fall wou de Participant mannerjäreg ass):

Numm: _____

Virnumm: _____

Adress (den Ausfluchsday): _____,
L-_____

Privat Telefonsnummer: _____

Handynummer: _____

Telefon Aarbecht: _____

„Ech (verantwortlech Persoun fir déi Persoun, déi un dësem Dag deelhält), erklären, datt d'Informatiounen op dëser Fiche richteg sinn, an autoriséieren de Responsabelen vun dësem Dag, falls néideg, all noutwenneg Mesuren (medezinesch Behandlungen, Spidolsopenthalter, chirurgesch Agrëffer) ze huelen, déi wéinst dem Gesondheitszoustand vun der Persoun, déi un dësem Dag deelhält, erfuerderlech sinn.“

Datum: _____ Ënnerschrëft: _____

w.e.gl.dobäimaachen:

- 1) Kopie Identitéitskaart
- 2) Kopie Krankekeesskaart